N°4012

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:46, 01/04/2021

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2021

Här President,

Esou wéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bauteminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Eisen Informatiounen no gëtt et zu Colmer-Bierg Déngschtwunnengen vun der Police, déi zanter Joren eidel stinn. Wéinst der Penurie u sozialem Wunnraum am Beräich vum Logement locatif am Besonneschen an am Kontext vu Wunnraum am Besëtz vum Staat am Allgemengen géife mir gäre folgend Froen un déi zoustänneg Ministere fir ëffentlech Aarbechten respektiv Finanze stellen:

- Kann den Här Minister confirméieren, dass déi ugeschwaten Déngschtwunnengen zu Colmer-Bierg eidel stinn? A wa jo, zanter wéini an aus wéi engem Grond?
- Kann den Här Minister eis eng Lëscht vu weideren Déngschtwunnenge vun der Police uechter d'Land virleeën, déi och eidel stinn? Zanter wéini an aus wéi engem Grond?
- Gëtt et doriwwer eraus nach Haiser oder Wunnengen am Besëtz vum Staat, déi zanter längerer Zäit eidel stinn? Wa jo, wéi vill sinn et der a wou befanne sech dës Immobilien?
- De Staat ass och Propriétaire vum Café-Restaurant um Waldhaff. Wat soll mat deem Komplex geschéien? Wéini sollen d'Renovatiounsaarbechten ufänken? Ass de Staat gewëllt, dee ganze Komplex un eng Gemeng ze verkafen? Wann net, aus wéi engem Grond?

Här President, mir bieden Iech, eisen déifste Respekt unzehuelen.

Marc Lies
Deputéierten

Françoise Hetto-Gaasch
Deputéiert

Paul Galles
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 02 avril 2021

Objet : Question parlementaire n° 4012 du 01.04.2021 de Monsieur le Député Paul Galles, Madame la Députée Françoise Hetto-Gaasch et de Monsieur le Député Marc Lies - Logements de service inoccupés

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés